Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg

www.accordeon.lu

Rapport Generalversammlung 02.03.2007

D'Generalversammlung vun eisem Veräin as ë Freideg, den 2. März 2007 um 1. Stack vun der Maison des Brasseurs.

Präsent sinn, niewent 2 Korrespondente vu « Wort » an « Tageblatt » de ganze Comité (Mahnen, Buchholtz-Feitler, Hausemer, Junius, Schmit & Ludwig) grad wéi J. Daleiden, V. Kolb, R. Kraus, R. Moreira & B. Schmit. Entschëllegt ass de R. Sabus.

De Président mécht d'Versammlung um 19.^{30} Auer op a fiirt nom Programm, wéi en an der Invitatioun proposéiert as:

1. Usprooch vum Président: Begréissung vum F. Buchholtz als Vertieder vun der Union Grand-Duc Adolphe, Begréissung vun der a Merci un d'Press, Merci un de Syndicat vu Kautebaach, Merci un de Patron vun der « Maison des Brasseurs », Merci an un all Aktiv, Merci awer och un d'Membren aus dem Comité an net ze vergiessen un den Dirigent.

   Mir kënne wuel nach Concert-ë spillen, ma mir mussen dofir zesummenhalen. Fir zillustréire referéiert sech de President un eise Concert um Mullefest, wou mer eise Répertoire hu missten upassen.

   De R. Mahnen lancéiert also en Appel un d'Accordeonisten fir d'Prouwe regelméisseg ze besichen. Mer hunn d'Satisfactioun, datt mer de Leit mat eiser Musek a mat eiser Programmauswiel Freed maachen.

   D'Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg war vun den HFL gefrot gin fir zesummen ze schaffen an opzetrieden. Wéi d'Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg op Freudenstadt invitéiert gouf an d'HFL mat dohinner waren, du si leider « Kannereien » virkomm (fir et emol héiflech ze formuléiren).

   Et ass nach ëmmer onverständlech, wisou d'HFL der SMAL d'Zesummenaarbecht opgekënnegt huet, ouni Explikatioun, ouni Aussprooch - an ouni Reaktioun op 2 Bréiwer vun eisem Comité.

2. De Rapport aus dem Secrétariat: am ganzen 10 Concert-en, d'Sprangprozessioun, am Juli den Tour op Freudenstadt, d'« Journée de l'Accordéon », déi d'SMAL den 12.11.06 organiséiert huet, 35 Prouwen, 1 Spillerversammlung, eng Generalversammlung an d'Caeciliefeier. Dobäi hat eise Comité nach 7 Sitzungen.

3. Dem Rapport vum Tresorier no ass d'Finanzlag vun der SMAL gesond.
4. D'Keesskontroll gouf de läschte Samschdeg duerchgefouert. De Benny Schmit confirméiert eng Gudd gefouert Keess an d'Richtegkeet vun de kontrolléierte Bicher.
5. Eestëmmeg kréien den Tresorier an d'Secretärin d'Décharge vun der Assemblée.
6. Neiwiel vum Comité: d'Mandater vu Raymond MAHNEN a Guy SCHMIT, gi per Akklamatioun eestëmmeg verlängert. D'Mandat vum Danielle LUDWIG leeft och aus. Awer d'Danielle ass net méi disponibel : aus gesondheetlechen Uersaache get et seng Aufgabe vu Secretariat a Comitésmember of. Aner Kandidature leien awer keng vir.

   An enger éischter Comitéssitzung e Freideg, 09.03.07, em 19.00 Auer am Prouwsall, ginn d'Chargen (nei) verdeelt.
7. Programm fir 2007: mat den Invitatioune fir des AG gouf di aktuellst Nummer vun der « Quëtschbloder » verschéckt mat de Concert-ë, wéi se bis elo bekannt sin. Et ass och nach e Concert gefrot fir am Fleegeheem zu Waasserbëllig.
8. Fräi Aussprooch:
   - JNA am November 2007 : Et ass schwiereg fir e Programm zesummenzestelle wann eis Prouwen net besser besicht gin a wa mer net nach zousätzlech Accordeoniste kréien.
   - Dofir wëllt de Comité probéiren, mat enger Pressekonferenz en Appel un all interesséiert Accordeonisten am Land ze lancéiren.
   - E reegelméissege Prouwebesuch ass schon eleng dowéinst eminent wichteg, well an der Prouw ëmmer di neitsten Nouten / Arrangementer ausgedeelt gin.
   - De Romain Kraus plaidéiert dofir, fir net op der JNA mat ze spillen. Fir ee méi anspruchsvolle Programm hu mer nämlech net genuch Musikanten. Ounidiem géife mer dann nëmme méi fir d'JNA prouwen an dommater eise Concertsprogramm vernoléissegen.
   - Mer sollten äis och net op eng Hëllef just fir d'JNA verloossen ; ausserdiem hu mer et net néideg, fir dorëmmer ze biedelen, datt mer fir d'JNA Hëllef kréien.

D'Versammlung as géint 20.^{30} Auer eriwwer.